N° 7920
Entrée le 24.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.04.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Den 3. Abrëll 2023 war am däitsche FOCUS ze liesen, datt de Banneminister vu Sachsen Autoe vun ukrainesche Flüchtlingen, déi net versêchert sinn, net méi um Verkéier deelhuele loosse wëll. Fir dës Autoe gouf et eng Ausnamereegelung fir den Zäitraum vun engem Joer. Eng nei Zouloossung vun den Autoe war net néideg, mee déi Ausnamereegelung leeft a ville Fäll aus. Sachsen hat entscheet, bis den 30. Juni déi Ausnamereegelung ze verlängeren. An der Ukrain zougeloossen Autoe mat enger gülteger Zouloossung an enger Auto-Haftflichtversécherung däerfe weider um Verkéier deelhuelen. Am Fall vun engem Accident mat engem net versécherten ukraineschen Auto géif d'Verkéiersafferhëllef, eng däitsch Auto-Haftflichtversécherung-Ariichtung, fir de Schued opkommen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1) Muss en Auto vun engem ukrainesche Flüchtling spéitstens 6 Méint no senger Arees zu Lëtzebuerg zougelooss oder immatrikuléiert ginn oder gëtt et eng Ausnamereegelung?
2) Ginn déi ukrainesch Flüchtlingen, déi mat engem Auto an d'Land komm sinn, iwwert d' Zouloossungsprozedur vum Auto informéiert?
3) Ween iwwerhëlt d'Verantwortung am Fall vun engem Accident, un deem en net versécherten ukraineschen Auto bedeelegt ass an eng Schold dréit?
4) Ass garantéiert, datt de Versécherungsschutz vun engem Auto den bei enger ukrainescher Versécherungsgesellschaft versêchert ass an zu Lëtzebuerg mat enger ukrainescher Plaque fiert, an der Héicht vun de Leeschtungen an de Prozeduren mat dem vun enger lëtzebuergescher Gesellschaft vergläichbar ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten